

M. Aloyse Bisdorff.

*Ont voté non:* MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weller et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach.

*Se sont abstenus:* MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Alex Bodry), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;

MM. François Bausch (par Mme Renée Wagener), Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener.

Dir Dammen an Dir Hären, domat wier dee Punkt ofgeschloss a mir kéimen zum nächste Projet. Dat ass d'Diskussioun iwwert de Projet de loi 4804 iwwert de Collège vétérinaire.

Et hu sech schonn ageschriwwen: d'Mme Meyers, déi Hären Di Bartolomeo, Schroell, Colombero, Huss a Bisdorff.

D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Alexandre Krieps.

## 5. Projet de loi 4804 relative au Collège vétérinaire

### **Rapport de la Commission de la Santé et de la Sécurité sociale**

**M. Alexandre Krieps (DP), rapporteur.**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dëse Projet de loi befaasst sech mat der Reform vum Collège vétérinaire a bréngt eng Mise à niveau mat deem Gesetz vum 18. Juni '99 iwwert de Collège médical.

Dëse Gesetzesprojet ass den 1. Juni 2001 vum Gesondheetsminister Carlo Wagner hei deponéiert ginn.

De Collège vétérinaire war fläisseg an huet direkt zwee Avisen ofginn, den éischten Avis de 4. Dezember 2000 zum Avant-projet an den zweeten Avis de 14. Mäerz 2001 zu der eigentlecher Gesetzesvirlag.

### **(Coups de cloche de la Présidence)**

De Conseil d'Etat huet säin Avis den 9. Oktober 2001 ofginn an de Rapport écrit huet d'Kommissioun net, wéi iertümlecherweis duerch eng Coquille am Rapport écrit

steet, den 11. Abrëll 2001 ugeholl, mä wierklech den 11. Abrëll 2002. Dee Projet de rapport war ugeholl ginn, bei dräi Enthalungen.

Säit 1983 ass de Collège vétérinaire der Autoritéit vum Gesondheetsminister ënnerstallt, an net méi dem Landwirtschaftsminister, wéi dat virdrun de Fall war. D'Finalitéit vum Collège vétérinaire gëtt och duerch dës Gesetzesvirlag changéiert. Virdrun huet de Collège vétérinaire sech all deene Problemer ugeholl, wat d'Gesondheet vun de Béischten, d'Heelung vun deene Béischten an der öffentlecher Hygiène an deem Bezuch ugeet, an dobäi koum och d'disziplinaresch Gewalt iwwer all déi Persounen, déi de Véihdokteschberuff ausüben.

### **(M. Niki Bettendorf prend la Présidence)**

Dës Gesetzesvirlag schaaft eng ähnlech Grondlag fir de Collège vétérinaire wéi d'Gesetz - wéi ech virdru gesot hunn -, wat de Collège médical betrëfft. Et kann een am Fong soen, dass dës Gesetzkader där heiteger Zäit ugepasst gëtt.

D'Regierung kann de Collège froen, fir all Dossieren ze ënnersichen, déi sech op de Véihdokteschberuff bezéien oder wat d'Gesondheet vun den Déieren ugeet oder all aneren Dossier, deen d'Hygiène vun den Déiereprodukter ugeet.

Ech hu kloer gesot d'Regierung, well de Statsrot der Meenung war, dass déi Capacitéit sollt begrenzt ginn op de Gesondheetsminister. Mä d'Chamberskommissioun huet do dem Statsrot net gefollegt, well mir der Meenung sinn, dass et net nëmme dem Gesondheetsminister, mä och dem Landwirtschaftsminister zoustéing, fir d'Meenungen an d'Expertise vum Collège vétérinaire ze héieren. De Collège vétérinaire ka sech och selwer saiséieren an Dossiere studéieren.

D'Konditiounen, fir zu de Wahle vum Collège vétérinaire zougelooss ze ginn, sinn dräifach:

- Et muss een eng Beruffserlaabnis hei am Land hunn,
- et muss een hei schaffen, an
- et muss een am professionelle Regëster opgelëscht sinn.

Net wielen dierfen déi Kolleegen an der Vétérinaires-medezin, déi e Beruffsverbuet hunn, dat schéngt jo jiddferengem kloer missen ze sinn. D'Wieler mussen och hei fënnef Joer am Land geschafft hunn. Déi, déi gewielt wëlle ginn, kënnen tëschent 30 an 72 Joer al sinn.

Eng Schwierigkeet war an deene Wahlen dem Statsrot seng Positioun, wou déi ee verlängerten Délai gefrot hunn, fir d'Kandidatelëscht zesummenzestéieren. De Statsrot huet do dräi Méint réclaméiert amplaz zwee. Aus der Erfahrung, déi mer gemaach hu mam Gesetz vum Collège médical, huet d'Kommissioun awer geleeft, dass d'Kandidatelëscht net onbedéngt an der

Summervakanz misst festgehal ginn. Well beim Collège médical ass et virkomm, dass eng Rei Kandidature bei de leschte Wahlen net berücksichtegt gi sinn, well déi Kollegen, déi do dra souze virdrun, an der Vakanz waren, wéi d'Kandidateléscht sollt zesummegeesat ginn.

Eng Neiegkeet an deem Gesetz ass och d'Cotisation vum de Véihdokteren, fir de Collège vétérinaire ze cotiséieren. Ausgeholl vun där Cotisation sinn déi Kollegen, déi nëmmen occasionnell aus dem Ausland heihinner schaffe kommen, wat ënnert dee Konzept vum de Prestations de services fält.

Net zrückgehal vun der Kommissioun gouf d'Suggestioun vum Berufsstand fir deene Kollegen, déi aus dem Ausland heihinner schaffe kéimen, eng "taxe administrative", wéi dat an Däitschland besteet, ofzeverlaangen.

Hale mer nach fest, dass de Ministère e Secrétaire administratif dem Collège vétérinaire zur Verfügung stellt, deem seng Tâche duerch d'Praxis héchstwahrscheinlech festgesat wäert ginn. D'Gesetz gesäit och e ganz gestrafften an zweestufeg Conseil de discipline vir: de Conseil de discipline an de Conseil supérieur de discipline.

Heavy hunn eis an der Kommissioun e puer Sanktiounen geschénkt, déi de Véidokteren, déi sech als "schwaarz Schof" entwéckelen, géifen operluegt ginn. Déi schwaarz Schof ginn duerch déi Sanktiounen, géif ech mengen, richteg geschuer, an nohaltig geschuer, well si ginn, no hirer Suspensioun, nach dräi Joer vun de Wahlen ewechgehalen.

Alles an allem huet op enger ganzer Rei aneren Artikelen d'Chamberskommissioun den "Toilettage de texte" vum Statsrot zrückbehal, deen eng ganz Rei vun deenen Artikelen dem Gesetz vum Collège médical adaptéiert huet. Folglech bieden ech hei d'Chamber, des Gesetzesvirlag zum Gesetz ze stëmmen.

Ech soen lech merci.

**M. le Président.** - Éischten Orateur ass d'Mme Meyers-Frank. Mme Meyers, Dir hutt d'Wuert.

### **Discussion générale**

**Mme Marie-Josée Meyers-Frank (CSV).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wat de Projet 4804 ubelaangt, dee mir haut zur Ofstëmmung virleien hunn, wäert ech mech kuerz faassen. De Rapporteur huet dëse Projet ausféierlech a sengem schrëftlechen a mëndleche Rapport beschriwwen, sou datt ech nëmmen nach wëll op e puer Punkten agoen. Ech wëll virun allem ervirhiewen, datt et Zäit war, de Collège vétérinaire, dee säit 1945 besteet, ze reforméieren. Déi aktuell Struktur sinn net méi zäitgeméis. Fir dass dëst Gremium weider bestoen a senger Aarbecht am Interesse vum Veterinärsberuff korrekt nogoe kann, ass et wichteg, dem Collège vétérinaire eng gewëssen Autonomie ze ginn a seng Missiounen anesches ze gestalten, déi méi am Aklang si

mat der Realitéit an dem legale Kader, dee sech am Zäitraum vu 50 Joer wesentlech verännert huet. Ech denken do virun allem un den disziplinären Aspekt, deen am Beräich vun der Santé am Allgemengen d'Tendenz huet, mat der Zäit eng gréisser Roll ze spillen. D'Uspréich vun de Leit ginn ëmmer méi grouss. Si si sech och ëmmer méi hirer Rechter bewosst, sou dass d'Sträitfäll sech och an nächster Zukunft multiplizéiere wäerten. Et ass nun eemol esou, datt, wann d'Leit mengen, si wäeren ongerecht oder schlecht behandelt ginn, se hautdesdaags net méi zécken an dergéint e Recours aleen. De Veterinärsberäich bleift vun dëser Tendenz sécher net verschount.

Dëse Projet de loi féiert eng strikt Trennung tëschent, op der enger Säit, Partei an engem Disziplinarverfahren an, op där anerer Säit, Richter an. Dës Trennung entsprécht den europäeschen an internationale Prinzipien a Regelen a puncto Mënscherechter, déi virgesinn, datt een net zur gläicher Zäit Juge et partie ka sinn. D'Membre vum Collège vétérinaire kënnen, wann de virleiende Projet gestëmmt gëtt, net méi an enger disziplinarer Instanz siéieren. Bis elo war dat de Fall. Den Artikel 10 vum Arrêté grand-ducal vum 17. Dezember 1945 gesäit vir, datt de Collège vétérinaire sech och an e Conseil disciplinaire constituéiere kann, wat mat sech bréngt, datt hir effektiv Membre bis dato en disziplinare Pouvoir hunn. Dës Trennung tëschent dem Collège vétérinaire an dem Conseil de discipline ass eng wichteg a sënnvoll Reform, déi eventuell Blocagé verhënnere wäerten, déi dorobber zrëckzeféiere sinn, datt déi Leit verschidde Kapen droen.

Als weider Garantie fir e fait an onparteiegt Disziplinarverfahre kann een den Nominéierungssystem vun den Assesseeuren gesinn. De virleienden Text gesäit vir, dass d'Assesseeuren, déi déi lëtzebuergesch Nationalitéit mussen hunn - wat en vue vun hire juridictionnelle Fonctiounen ze verstoen ass -, net vum Collège vétérinaire genannt kënnen ginn.

Als positiv ze verzechnen ass och nach d'Tatsaach, dass mat deem Gesetzestext dem Collège vétérinaire, wéi dem Collège médical 1999, d'Personnalité civile an domat eng gréisser Autonomie unerkannt gëtt. A senger berodender Fonctioun kann de Collège vétérinaire d'Avisen zu alle Projeten a Reglementer, déi de Beruff vum Veterinär, mä och d'Gesondheet vun den Déieren oder d'Hygiène alimentaire betreffen, ofginn. Dobäi ass ze bemierken, datt, ähnlech wéi beim Conseil médical oder och beim Conseil d'Etat, d'Membre vum Collège vétérinaire e separaten Avis ofgi kënnen. Dëse Collège vétérinaire ka sech op Demande vun der Regierung - sou wéi de Rapporteur et lo just zitéiert huet -, an net vun engem bestëmmte Minister, wat a mengen Aen d'Roll vum Collège aschränke géif, oder op eegen Initiativ, mat alle Froen, déi am Zesammenhang mam Veterinärsberuff sinn, ofginn.

D'Ofhängegkeet vum Collège vétérinaire ass besonnesch um finanziellen Niveau bemierkbar.

Wat de Finanzéierungssystem ugeet, inspiréiert sech de virleiende Projet de loi um Gesetz vum 8. Juni iwwert de Collège médical. Nom Gesetzesprojet finanzéiert de Collège vétérinaire am Prinzip e gudden Deel vu senge Fonctionnementskäschte selwer iwwer de Wee vu Cotisatiounen, déi hie sammelen dierf. Da Stat hëlleft finanziell, andeems hien dem Gremium eng Deelzäitkraaft, respektiv e Lokal zur Verfügung stellt. Dës Solution, déi schonn am Kader vum Gesetzesprojet 4373 iwwert de Collège médical fir Diskussiounen gesuergt huet, ass erëm debattéiert ginn, besonnesch d'Mise à disposition vun dëser Aarbechtskraaft. An dësem Bezug stellt sech ëmmer ënner anerem d'konkret Fro vum Volume vun der Aarbecht, déi vun dëser Persoun iwwerholl ka ginn.

Dës Fro an eventuell anerer verhënneren net, datt déi finanziell Léisung, déi zréckbehale gouf an haut zur Ofstëmmung an der Chamber virläit, déi richteg ass, en vue vun dëse Spezifizitéiten.

Et dierf een net vergiessen, datt d'Zuel vun de Veterinäre relativ reduzéiert ass, wann ee se zum Beispill mat de Membre vu verschiddene Berufschambrë vergläicht. D'Finanzéierung vun de Gesamtkäschten, déi néideg sinn, fir de Fonctionnement vum Collège vétérinaire exklusiv iwwert de Wee vun de Cotisatiounen ze sécheren, hätt als Konsequenz, datt de Beitrag vun de Cotisatiounen, déi obligatoresch sinn, relativ héich misst leien, wat net wünschenswäert wier. Ausserdeem wär et och net ubruecht, d'Veterinären anescht ze behandele wéi d'Dokteren.

Wat d'Dispositiounen iwwert de Wahlsystem an d'Zesummesetzung vum Gremium ugeet, wéilt ech just nach eng Kéier op de gerechte Charakter vum virleiende Gesetzestext hiweisen. Wa just déi Veterinären, déi hei am Land etabléiert sinn, d'Wahlrecht unerkannt kënnen kréien, dann ass et och nëmme gerecht, datt déi, déi net hei am Land etabléiert sinn, also folglech kee Wahlrecht hunn, och net ze cotiséiere brauchen. Ech fannen et och ganz richteg, datt - wéi an de Berufschamberen - Ausländer matwiele kënnen. Et schéngt mir och ganz raisonnabel, datt ee fënnef Joer am Land muss sinn, fir gewielt kënnen ze ginn. Et évitéiert een esou, datt Persounen hir Kandidatur stellen oder gewielt ginn, déi awer am Fong ni sou richteg bei eis am Land bleiwe wollten oder no zwee Joer vläicht erëm fortginn. Dës Dispositioun ass ganz am Interesse vun de Veterinären, déi op eng Struktur vertraue kënnen, déi net stänneg ännert.

Zu gudder Lescht ass déi positiv Tatsaach ervirzehiewen, datt, op Grond vun der Gewaltentrennung, deen, deen un der Regierungsarbecht deelgeholl huet, net och nach am Collège vétérinaire ka sinn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi virleidend Reform ass sënnvoll an dréit mat Sécherheet zur Revalorisatioun vum Collège vétérinaire bäi. Am Numm vu

menger Fraktioun, déi hannert dësem Gesetzesprojet steet, géif ech d'Chamber bidden, dëse Projet ze stëmmen.

**M. le Président.-** Merci, Mme Meyers! Nächste Riedner ass den Här Di Bartolomeo.

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Diskussiounen iwwert dëse Projet si vill méi harmonesch gelaf, a ganz konstruktiv, och an der Kommissioun, well hei den Enjeu e bëssen en aneren ass. D'Veterinärmedezinner streiden net fir en Dekonventionement; si sinn net konventionéiert, an d'veterinär Medikamenter si bis haut nach net remboursabel, och wann ee sech d'Fro muss stelle mat deem Gesetz, wat mer lo just gestëmmt hunn, ob net dat esou vague ass, dass mer an Zukunft och nach riskéieren, Veterinärmedikamenter ageklot ze kréien.

Mä Spaass bäisäit, mir sinn hei a Presenz vun engem Projet de loi, dee fir d'Veterinären eng ähnlech Struktur schafft wéi déi, déi mer virun e puer Joer fir d'Doktere geschaf hunn. D'Parallelen zum Collège médical gi ganz wäit. Mer hunn an der Kommissioun keng wesentlech Awänn géint dëse Projet fonnt. Mir hu just eng Rei vun Dispositiounen, déi am Zesummenhang mat der Cotisatioun, mat dem Droit de vote a mat der Residenzklauseel fir d'Veterinären zesummenhänken, preziséiert, sou dass mer weider näischt iwwreg bleift, no deem gudden Rapport vum Här Alexandre Krieps, wéi den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet ze bréngen.

Ech soen Iech merci.

**M. le Président.-** Merci, Här Di Bartolomeo! Nächste Riedner ass den Här Marco Schroell. Här Schroell, Dir hutt d'Wuert.

**M. Marco Schroell (DP).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, uganks wéll ech, net nëmme well d'Traditioun et hei an dësem héijen Haus esou verlaangt, mä virun allem well hien et verdéngt huet, dem Rapporteur, mengem Fraktiounskolleeg Alexandre Krieps, mäi Merci ausspréche fir säin excellente Rapport. Hie war esou ausféierlech a pointéiert a senge Remarquen...

### (Interruption)

...an Observatiounen, datt ech mech a menger Interventioun ganz kuerz halen an Iech onnéideg Rediten erspuere kann.

D'Origine vum Collège vétérinaire zu Lëtzebuerg geet op de 6. Oktober 1945 zréck, wou dës Institutioun duerch en Arrêté grand-ducal geschaf ginn ass. An der Zäit war de Collège vétérinaire ënnert der Autoritéit vum Landwirtschaftsminister an duerch d'Gesetz vum 29. Oktober 1983 concernant l'exercice de médecin, de médecin-dentiste et de médecin-vétérinaire gouf de Collège dem Gesondheitsminister ënnerstallt.

Dëse Projet de loi iwwert de Collège vétérinaire ass op d'Gesetz vum 8. Juni 1999 iwwert de Collège médical calquéiert ginn. Bei de Missiounen, der Organisatioun an dem Fonctionnement vum Collège vétérinaire ass sech un den Dispositiounen iwwert de Collège médical orientéiert ginn. Am neie Projet ginn d'Missiounen vum Collège vétérinaire adaptéiert a preziséiert. De Collège vétérinaire ass mat zoustänneg fir d'Iwwerwaache vun der Ausübung vum Veterinärberuff; hien iwwerwaacht, respektiv gëtt säin Avis of, bei der Applikatioun vun den Zouloossungsbestëmmungen zu dësem Beruff a soll fir de Respekt vun den déontologesche Regele vun der Profession suergen.

Dem Collège vétérinaire seng berodend Fonctiounen, déi deene vun de Chambres professionnelles an Zukunft gläichen, gi preziséiert. De Collège vétérinaire kritt méi Autonomie. Esou kann hie säin Avis zu alle Froen, Projeten, Reglementer, déi de Beruff vum Veterinär betreffen, op d'Demande vum Minister oder op eegen Initiativ ofginn.

D'Membre vum Collège vétérinaire kënnen, ähnlech wéi dat beim Conseil d'Etat de Fall ass, och een Avis séparé ofginn.

Mam neie Gesetz gëtt d'Roll vum President vum Collège vétérinaire ausgebaut. Sou kritt de President déi wichteg Aufgab, bei Sträitfäll tëscht Médecins vétérinaires oder tëscht engem Veterinär an engem Client ze schlichten. Am gënschtegste Fall soll de President bei där Schlichtungsprozedur eng Regelung à l'amiable mat deene Betreffende fannen. Eréischt, wann esou eng Solutioun net méiglech ass, an an aneren, méi grave Fäll, gëtt de Conseil de discipline befaasst an intervenéiert. Dës Tëscheléisung iwwert de President ass virgesinn, fir dass de Conseil de discipline net vun alle méiglechen Affären iwwerrullt gëtt. Dëst ass eng wichteg Dispositioun, well mer kënnen eis nach drun erënneren, wéi de Conseil de discipline vum Collège médical virun der Reform vun 1999 mat enger Vielzahl vu Fäll regelrecht a senger Fonctioun bloquéiert gi war.

Eent vun deene ganz wichtegen Elementer vum neie Gesetz ass déi strikt Trennung tëscht dem Collège vétérinaire an dem Conseil de discipline. De President vum Conseil de discipline wäert an Zukunft de President vum Tribunal d'arrondissement vu Lëtzebuerg sinn. Him bäigesat si véier Assesseeuren.

Mam Projet gëtt och de Katalog vun den Disziplinarstrofen ergänzt.

De Collège vétérinaire suergt iwwer eng Cotisatioun, déi seng Membere bezuelen, fir de Finanzement vun engem gudden Deel vu senger Funktiounskäschten. Hei ass et zum Deel zu verschiddene kriteschen Umierkunge komm, well am Gesetz festgehale ginn ass, dass déi Veterinären, déi am noen Ausland etabléiert sinn an zu Lëtzebuerg punktuell Servicer prestéieren, net cotiséiere

mussen. Do muss een awer och soen, dass se kee Wahlrecht hunn. Des Weideren iwwerhëlt de Stat d'Onkäscht fir de Sekretariat, ähnlech wéi beim Collège médical a stellt och Lokaler zur Verfügung.

Här President, als leschte Punkt schneiden ech de Wahlmodus un, deen ebenfalls vum Collège médical iwwerholl ginn ass.

An der Konklusioun kann ech soen, dass iwwert déi Reform hei de Collège vétérinaire revaloriséiert gëtt, dass et eng gutt a sënnavoll Trennung gëtt tëscht dem Collège vétérinaire an dem Conseil de discipline, an dass virun allem de Collège vétérinaire a senger neier, méi larger Autonomie op eegen Initiativ säin Avis ofgi kann. Ech soen lech merci fir d'Nolauschteren a wëll nach den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet de loi ginn.

**M. le Président.-** Merci, Här Schroell. Den nächste Riedner ass den Här Colombero. Här Colombero, Dir hutt d'Wuert.

**M. Jean Colombero (ADR).** - Merci, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt nach eng Kéier e grouse Merci un den honorablen Här Alexandre Krieps fir de mëndlechen an de schrëftleche Rapport.

Dëse Gesetzesprojet befaasst sech mat der Reform vum Collège vétérinaire. En huet 42 Artikelen, wouvunner der 20 iwwert d'Disziplinarverfahren handeln, wat u sech den Haaptpunkt bei dëser Reform duerstellt, dorop wäert ech herno nach zrëckkommen. Dëse Projet huet eng equivalent Struktur, wéi dat beim Collège médical de Fall ass, deen zoustänneg ass fir d'Dokteren, d'Zänn-dokteren an d'Apdikteren. Wéi de Collège médical kritt de Collège vétérinaire eng méi grouss Autonomie zouerkannt, haaptsächlech eng finanziell Autonomie, déi op Basis vu Cotisatiounen vun de Veterinäre gedroe gëtt.

Dem Gesetzesprojet no kritt de Collège vétérinaire de Statut vun der Personnalité civile. D'Missioun vum Collège vétérinaire ass, dass déi déontologesch Prinzipier agehale ginn an alles, wat mam Beruff, der Gesondheet vun den Déieren an der Hygiène vun den déiereschen Produkter ze dinn huet, ze géréieren, an alles, wat Gesetzesprojeten oder Reglementer ubelaangt, ze aviséieren.

Kucke mir elo dee Gesetzestext nach méi genau, esou kann ee schonn eng ganz Rei vu Kriticken opzielen. Et gëtt am Artikel 2 Paragraph 3 vun der Gesondheet vun den Déiere geschwat. Menger Meenung no misst een och vun der Krankheet vun den Déiere schwätzen, haaptsächlech no deene rezenten Affäre vu BSE, Maul- a Klaukränk an der Schwängspesch. Et kéint ee sech déi berechtigt Fro stellen, ob een de Begrëff Gesondheitsministère net ëmänneren an de Begrëff Krankheitsministère gebrauche sollt, well mat all deene Krankheeten, déi mir kennen an déi all Dag dobäikommen, hu mir net méi vill mam Beräich vun der Gesondheet ze dinn, well ënner anerem jo och net den Akzent op Präventiv-



medezin geluegt gëtt dee mer wënschen, weder bei de Mënschen nach bei den Déieren. Op jidde Fall den Akzent léisst ze wënschen iwwreg.

Wann een de Begrëff Krankheet mat afléisse géif loossen a vum Krankheitsministère schwätze géif, da géif ee Reflex et mat sech bréngen, fir alles ze dinn, fir alles ze ënnerhuelen, fir sech Gedanken ze maache wéi d'Krankheet verhënnert oder eliminéiert gi kënnt. Psychologesch géif dat Bierger versetzen.

Am Artikel 3 Paragraph 2 ass bei de Membere vum Collège vétérinaire eng Altersgrenz agesat ginn, an zwar kann een nëmme Member vum Collège vétérinaire si wann een tëschent 30 an 72 Joer al ass. Déi Altersgrenz verstinn ech net. Ech ka mir an der heiteger Gesellschaft virstellen, datt den Alter wichteg ass bei enger kierperlecher Aarbecht, awer hei ass awer nëmme intellektuell Aarbecht gefrot, a menger Usicht no ass hei d'Fro: "Wéi al bass du?" falsch gestallt an et misst een nom Critère kucken "Wéi räif bass du?" Dofir ass déi Altersgrenz hei am Projet menger Usicht no iwwerflësseg a misst onbedéngt aus dem Text verschwannen.

Am Artikel 14 gëtt vun der Cotisatioun geschwat, déi a bestëmmte Fäll pondéréiert gi soll. Dat heescht, datt verschidde Veterinäre manner bezuelen ze brauchen an dat soll de Collège vétérinaire entscheeden. Dat fannen ech och net an der Rei. Entweder bezillt jiddferen datselwecht oder mir brauchen iwwerhaupt keng Cotisatiounen anzeféieren. Mech géif et zwar interesséieren wie manner bezuele soll, mä dat wäert een net gewuer ginn, well dat jo e Règlement interne ass.

Am Artikel 21 Punkt 4 gesi mir wéi de Geescht vun dësem Gesetz ass, ech zitieren: "Les frais provoqués par la poursuite disciplinaire seront mis à charge du condamné. En cas d'acquiescement de la personne poursuivie ou en cas de classement de l'affaire ils sont supportés par l'Etat." Am Klortext heescht dat heiten, dass, wann de Collège vétérinaire en Disziplinarverfahren géint ee Veterinär déclenchéiert, egal fir wéi ee Grond och ëmmer, zum Beispill, well dësen Dokter homöopathesch Medikamenter verschreift - dat gëtt et och bei den Déieren -, déi net wëssenschaftlech bewise solle sinn...

**Une voix.-** Et ass awer nach keen duerfir verfollegt ginn!

**M. Jean Colombero (ADR).** - Dat kann nach kommen!

Oder well dëse Veterinär aneschtens denkt, da muss dëse Veterinär, wann e schëlleg befonnt gëtt, Fraisé bezuelen. Wann en elo awer net schëlleg befonnt gëtt, da bezillt de Stat, dat heescht de Steierzueler, d'Spesen, an dat, Dir Dammen an Dir Hären, ass total ongerecht, well normalerweis misst de Collège vétérinaire an nëmme hie bezuelen, well hien huet jo och eng finanziell Autonomie. Et ass jo eng total Frechheet, dass de Steierzueler an d'Täsch gräife muss, well de Collège

vétérinaire, an datselwecht gëllt och fir de Collège médical, mengt, dass aner Dokteren, déi eng aner Meinung vertrieeden, onbedéngt bestrooft gi missten, well si sech net hire sou genannte wëssenschaftleche Critère fügen. A genau dat heiten ass bei dësem Projet ze bedauern.

Dëse Projet gëtt engem Grupp vu Leit eng Macht, fir eng Minoritéit, déi aneschtens denkt, ze ënnerdrécken. Dat ass eng Mentalitéit, déi mir net mat droe kënnen. Nëmme eng Hand voll Dokteren décidéieren iwwert d'Lous vun der Lëtzebuerger Medezin. An esou engem wichtege Beräich, dee jiddferen betrëfft, well en iwwerparteilch ass, misste méi Stëmme mat decidéieren. De Minister misst menger Meinung no déi lescht Instanz sinn, déi decidéiere misst, ob ee Veterinär oder een Dokter nach därer säi Beruff ausüben oder net. Et ass leider net virgesinn, dass de Minister e Wuert matzeschwätzen huet, well déi lescht Instanz de Conseil supérieur de discipline ass. Ech froe mech: "Wann de Minister seng Dokteren net schützen kann, wie soll seng Leit da schützen?" Ech muss soen, dass et selten ee Beruff gëtt deen esou schlecht geschützt ass wéi een Dokter, deen aner Iddien huet.

Dës Doktere sinn der Willkür vun deenen aneren Dokteren ausgelievert. Si sinn d'Fräiwëld vun der Nation. Ech ginn dovunner aus, dass een Dokter oder Veterinär, an dat ass d'Essenz vun hirem Beruff, sech prinzipiell fir de Patient asetzen, ofgesi vu raren Ausnamen. All Streidere am Beräich vun der Medezin kann nëmme negativ Auswierkungen op de Patient hunn, mat engem negative Reflet op de Beruff vum Dokter.

Am Artikel 30 gëtt gesot, datt d'Décisioun vum Conseil de discipline duerch d'Voie de l'appel attackéiert gi kënnen. Et gëtt awer net gesot, wéi d'Modalitéite vun dëser Voie de l'appel sinn. Am Artikel 41 vun dësem Gesetz gesi mir erëm een Nodeel, ech zitieren: "Les affaires disciplinaires déferées au Conseil de discipline avant l'entrée en vigueur de la présente loi et non encore vidées par un jugement seront jugées d'après les dispositions de la présente loi." Dat heescht am Klortext, dass ee Veterinär, dee virun dräi Méint ugeklot ginn ass an deen eng Strof X kritt hätt, fir seng sou genannten Disziplinlosegkeet elo mat der Strof vum neie Gesetz behaft gëtt.

Den Artikel 14 vun eiser Verfassung awer implizéiert de Prinzip vun der Rétroactivitéit vum Gesetz dat méi gënsteg ass. Ass dat heie Gesetz da méi oder manner favorabel wéi dat Gesetz virdrun? Déi Fro wëllt ech awer gär beäntwert kréien! Esou Gesetzter wéi dat heite maachen de Gruet an der Gesellschaft ëmmer méi grouss. Esou Gesetzter wéi dat heiten erhéijen d'Spannungen a benodeelegen een harmonescht Zesummeliwwen. Esou Gesetzter wéi dat heite si keng Garantie fir Transparenz an Dialog. Si kënnen Konfusioun an en Dialogue de sourds favoriséieren.

Ech zitéieren den Eed vum Hypokrates: "Je passerai ma vie et j'exercerai mon art dans l'innocence et la pureté." Een Dokter, deen dësen Eed geleescht huet, brauch kee Maulkuerf a keng Kontroll vun iergendengem Gremium. Deen Eenzege, deen decidéiert, dat ass de Patient, a wann den Dokter eng Niet ass, da geet de Patient net méi bei en. Wann den Dokter gutt ass, da geet de Patient bei en. Et ass ganz einfach.

### **(Interruptions)**

**Mme Renée Wagener (DÉI GRÉNG).**- Et wäert esou einfach sinn!

**M. Jean Colombero (ADR).**- Dat gesot, ech weess, dass an der Praxis d'Ausféierung vun dësem Gesetz, dat jo eng Kopie ass vum Gesetz iwwert de Collège médical, éischter dozou geneigt ass, fir d'Veterinären déi hir Aarbecht gutt maachen, leider ze stigmatiséieren, well se eng aner Approche zu hirem Beruff hunn, se einfach ze péngegen nom Motto "Ech sinn de Gendarme, ech hunn eng Uniform un an dat heescht, dass ech vum Gesetz aus habilitéiert sinn, fir ze weisen wou et higeet, an deejéinegen, deen net follegt, gött bestrooft." Well awer d'Gesetzer u sech generell net esou schlecht sinn, d'Gesetzer ginn u sech zum Profit vu verschiddene Gruppe pervertéiert, a kee Gesetz kann duerfir, wa verschidde Leit eng falsch Interpretatioun zu hirem Virdeel erschléissen. Ech géif duerfir meng Fraktioun bieten, sech ze enthalten, an dat an der Hoffnung, datt keen Abus mat dësem Gesetz gemaach gött. Ech soen lech merci.

**Des voix.**- Très bien.

**M. le Président.**- Merci, Här Colombero. Den nächste Riedner ass den Här Huss. Här Huss, Dir hutt d'Wuert.

**M. Jean Huss (DÉI GRÉNG).**- Merci, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëllt am Numm vun deene Gréngen nëmmen e puer kuerz Wierder zu dësem Projet de loi soen. Fir d'éischt, well den Här Rapporteur, den honorablen Här Krieps, den Detail vun de verschiddenen Artikelen hei genuch ugeschwat huet a well et also sënnslos wier, fir dat nach eng Kéier hei ze widderhuelen. An zum zweeten, well den Text selwer am Fong relativ evident a kloer ass an net vill hiergëtt fir kritesch Kommentaren.

Wat déi Haaptelementer vun dësem Projet de loi ubetrëfft hu mir jiddefalls keng Problemer. Et ass evident an normal, dass d'Missioun vum deem Collège vétérinaire mussen an esou engem Gesetz definéiert beziehungsweise redefinéiert ginn. Et ass fir eis aus evidente Grënn och sënnsvoll a kloer, dës Missiounen esou ze präziséieren, dass do elo als Missioun festgehale ginn, dass et engersäits drëm geet, all Froen ze analyséieren, déi mam Berufsstand selwer ze dinn hunn, dat ass jo normal, an anerersäits et awer och dorëm geet, d'Gesondheet vun den Déieren an d'Hygiëne vun den déieresche Produkter ze kontrolléieren.

Dir Dammen an Dir Hären, firwat ass eng seriö an ëmfaassend veterinärmedezinesch Kontroll a ville Beräicher vun der Gesondheet vun allen Zorte vun Déieren haut méi wichteg wéi an der Vergaangenheet. Et ginn duerfir eng ganz Rei vu Grënn. Et ass net nëmmen déi zounehmend Problematik vun deene skandaléis Déierentransporter, wéi mer se bekanntlech lafend an deene vergaangene Joren op eisen Autobunnen haten a wou d'Veterinärmedezin an eisen A vill méi eng aktiv Roll misst kënne spillen. Et ass och net nëmmen déi rezent Problematik vu Schwéngspeschter hei zu Lëtzebuerg. Schwéngspeschter a verschiddene Ställ oder bei de Wëlschwäin, wou mer d'Noutwendegkeet vu ganz fréizäitegen a seriöse veterinärmedezinesche Kontrollen, Analysen a Mesurë gesinn.

Et gött nach weider Grënn fir d'Bedeitung vun enger gudder Veterinärmedezin a vu strenge veterinärmedezinesche Kontrollen an dësen Zäite vu Massendéierhaltung, vun onwürdegen a krank maachenden Déierhaltungsmethoden a vun Déiertransporter ze ënnersträichen. Wat sinn d'Problemer vun esou Massendéierhaltung bei Hénger, bei Schwäin a Rand, mä zum Beispill och a grouse Fëschfarmen, quitte dass mir dat hei net als Lëtzebuerger Problem hunn.

De Problem läit ganz kloer an deene vun der EU leider ëmmer nach finanziell geförderten a gesondheetlech problemateschen Opmäschtmethoden, fir méiglechst schnell méiglechst vill Gewicht op d'Wo ze kréien, an do gött schon eemol ganz gären op Hormonpräparater zrëckgegraff.

Mä de Problem dobäi läit awer och am Beräich selwer vun den Haltungsbedingungen a Rieseställ, wou all déi Déieren an u sech onwürdege Stressbedingunge liewe mussen. Ech erspueren lech d'Detailer vun den Haltungsbedingungen, well se jo bekannt sinn, a wou dann, an net nëmmen an deene gréisste Masseställ, präventiv ëmmer erëm niewent den Hormonen och Antibiotika a Psychopharmakaen agesat ginn oder agesat gi mussen, fir datt dës Massendéierhaltung och nëmmen eenegermoosse reibungslos funktionnéiere kann.

### **(Interruption)**

Et huet zum Deel domadder ze dinn, net nëmmen, Dir hutt Recht, mä et huet awer och domadder ze dinn.

Dës skandaléis, mä offiziell awer toleréiert a gefördert Praktiken, offiziell toleréiert, well jo d'EU-Agrarpolitik leider nach ëmmer ausschliesslech oder iwwerwiegend orientéiert bleift un den Ziler vu Produktivitéit a präislecher Effizienz. Dës Praktiken stellen dem Veterinärmedeziner an Europa, deen d'Stall an d'Gesondheet vun den Déiere kontrolléiere soll, natierlech viru grouss perséinlech Déien, op déi et ënnerscheedlech Äntwerte gi kann. Esou sinn et zum Beispill jo nach d'lescht Joer a Süddäitschland Veterinärmedeziner ginn, déi bekanntlech dobäi erwëscht goufe wéi se an Zesummenaarbecht

mat der Hormonmafia a mat skrupellosen Züchter illegal Präparate agesat hunn, just aus Profitgrënn, an do, Här Colombera, wollt ech lech soen, datt dat jo awer ee Problem ass, wou esou Veterinärmedeziner awer musse kënnen virun een Disziplinarrot kommen. An esou een Disziplinarrot muss jo organiséiert sinn, an dat ka jo awer nëmmen ee Collège vétérinaire, deen do Disziplinar-moossname muss aleeden.

An dat Zweet ass dann natierlech och nach d'Police judiciaire, déi dann zousätzlech do muss kënnen agräifen.

### (Interruption)

Am Kontext vum Strofrecht, gell! Déi ass nach méi gefrot, mä och de Conseil disciplinaire vun der Veterinärmedezin ass gefrot; an dofir brauch een a mengen Aen awer esou disziplinaresch Moossnamen. Ech mengen och net dat, wat Dir hei gesot hutt, datt et drëm géif goen, fir d'Veterinären ze kujenéieren, déi Homöopathiepräparate asetzen, bei Päerd oder bei Kéi, an datt et dofir wär, datt esou Disziplinar-moossnamen do sinn. Ech géif dat eemol gäre gesinn, datt e Veterinärmedezinner, deen homöopathesch Präparate bei Déieren asetzt, dofir virun e Disziplinarrot kënnt. Et muss een emol weisen, datt et esou eppes scho ginn ass. Wann Der wësst, dass et esou eppes scho ginn ass, da sot mer et, da maache mer hei an der Chamber eng seriö Diskussioun doriwwer, fir datt mer sou Saachen am Zam behalen an ënnerdrécke kënnten. Mä dat gëtt et dach net, dat doten!

### (Interruption)

Ech weess, dass eenzel Veterinärmedezinner och ënner anerem homöopathesch Mëttelen asetzen. Si soen, si géife fonctionnéieren. Ech gleewen hinnen dat och, mä dofir kënnt dach kee Veterinärmedezinner hei am Land virun e Conseil disciplinaire. Mir brauchen och e Conseil disciplinaire, wann ee gesäit, watfir Affären et gi kënnen mat Veterinärmedezinner, déi sech leider dann aus finanzielle Grënn dozou verleede loossen, illegal Saachen anzesetzen.

**M. Jean Colombera (ADR).**- Dat ass an der Rei, Här Huss. Mä par analogie ass dat bei de Medezinner vum Collège médical esou: Do kommt Dir op eng schwartz Lëscht, wann Der Homöopathie verschreift, an da braucht Der nëmmen eng Kéier anesches ze piepsen, da sidd Der virum Collège médical. Et deet mer Leed, Der gitt stigmatiséiert, well Der homöopathesch Medikamenter verschreift, an hei wäert et d'selwecht goen.

**M. Jean Huss (DÉI GRÉNG).**- Also, Här Colombera, souwäit ech weess gi vun eise Krankekeesen homöopathesch Medikamenter deelweis souguer zréckbezuelt, déi mussen also verschriwwen ginn, also kann et jo net sinn, datt se total stigmatiséiert sinn. Ech weess, datt et dee Konflikt gëtt, tëschent der classescher Medezin an der homöopathescher Medezin. Mir si jo am Gaang an

der Kommissioun doriwwer ze diskutéieren, fir ze kucken, do zu enger gréisserer Toleranz an Offenheet ze kommen. Mä, ech mengen, besonnesch an der Veterinärmedezin kann een awer net soen, dass een nach géif stigmatiséiert a virun den Disziplinarrot géif kommen.

**M. Jean Colombera (ADR).**- Jo, mä dat wäert vläicht nach kommen. Also, et deet mer Leed. D'Mentalitéit ass hei am Land awer esou.

**M. Jean Huss (DÉI GRÉNG).**- Ech hu lo d'Beispill gi vu skrupellose Veterinärmedezinner, déi aus Geldgrënn illegal Pratique gemaach hunn; et gëtt awer och dat ëmgekéiert. Ech wëll drun erënneren, beispillsweis, dass virun e puer Joer an eise Nopeschland, der Belsch, en éierlechen a couragéierte Veterinärmedezinner, de Karel van Noppen, no laangjähregen Investigatiounen de Machenshafte vun der Hormonmafia op d'Spuer komm war, a kalbliddeg vu Membre vun dëser Hormonmafia ëmbruecht ginn ass. An dat si Leit, déi siwe Joer dono an der Belsch an dësen Deeg grad viru Geriicht stinn - wéinst Mord.

Eng aner, vläicht manner spektakulär, awer wichteg Missioun vun der Veterinärmedezin läit an der Iwwerwaachung vun der hygienescher Qualitéit vun déiresche Produkter, déi fir déi mënschlech Alimentatioun destiniéiert sinn, an och op deem Gebitt huet d'Veterinärmedezin an eisen Aen eng absolut wichteg Aufgab a Kontrollfonctioun, fir datt sech iwwer Déieren, oder déiresch Produkter sou wéineg wéi méiglech Krankheits-erreeger an Infektiounskeimer op de Mënsch iwwerdroe kënnen.

Ech wëllt an deem Kontext just e klengt Beispill erausgräifen, fir dëse Problem ze illustréieren. Et handelt sech ëm e Virus - dee sou genannte Borna-Virus -, deen anscheinend ëmmer méi heefeg vum Päerd op de Mënsch iwwerdroe ka ginn. Wann ee weess, datt do jo awer eng ganz Partie Leit, a virun allem Jonker, Kontakt mat Päerd hunn, zum Beispill a Reitschoulen, wier d'Iwwerwaachung vun deem Borna-Virus sécherlech net onwichtig. Beim Mënsch ass nom Kontakt mat dësem Borna-Virus als Hauptsymptomatik virun allem d'Entwécklung vun enger onerklärlecher Depressivitéit ze gesinn, e Phenomeen, dee vum Hausdokter oder vum Spezialist natierlech diagnostesch net erfaasst ka ginn, wann dësen Dokter näischt vun dësem Borna-Virus oder vum Émgang mat Päerd vu sengem Patient weess. Hei wier zum Beispill eng méi enk Kollaboratioun vun der Veterinärmedezin mat der Humanmedezin néideg, fir déi infektiös Ursache vun esou Forme vun Erkrankungen och beim Mënsch erkennen an therapéieren ze kënnen.

Et kéint een aner Beispill vun noutwendeger Kollaboratioun tëschent Veterinärmedezin an Humanmedezin uféieren, zum Beispill, wa vun der Veterinärmedezin fir déi äusser Behandlung vun Hausdéieren a Privatwunnenge sou genannt Insecticiden agesat ginn, déi neurotoxesch sinn, an déi, wa se sech a Privatwun-

nengen, a Loft, Stëbs oder Wunnmaterial uräicheren - ech denken zum Beispill u Lindan oder Pyrethroiden -, sech lues a lues och neurotoxesch op d'Propriétaire vum dësen Hausdéiere kënnen awierken - e Risiko, deen haut leider nach ëmmer komplett ënnerschätzt gëtt.

Dir Dammen an Dir Hären, dësen Exkurs an deen zounehmende Rôle, deen op d'Veterinärmedezin zoukënnt, an zoukomme muss, huet vläicht e wéineg wäit geféiert. E war awer a mengen Aen néideg, a wahrscheinlech och net oninteressant, well dee virleiende Gesetzesprojet iwwert d'Reform vum Collège vétérinaire selwer am Fong net vill Stoff gëtt fir interessant a kritesch Kommentaren.

Vun de Missiounen hunn ech geschwat, iwwert d'Struktur vum neie Collège vétérinaire ass näischt weider ze soen, och net iwwert de Mode d'élection, déi disziplinaresch Moosnamen oder d'Limite d'âge, déi lo hei nei agefouert gëtt. Interessant ass an eisen Aen eventuell déi eng Iddi méi grouss Autonomie vum dësem Gremium, a virun allem d'Méiglechkeet vun eenzelne Membre vum dësem Gremium, fir an ëmstriddene Froen Avis-séparéen ofzeginn. Dat ass keng esou onwesentlech Fro, déi hei dobäikënnt, wann ee sech nämlech un déi skandaléis Tribulationne ronderëm d'BSE-Problematik virun e puer Joer erënnert, am Kontext vun der EU-Veterinärinspektioun, wou virun allem déi englesch Veterinärmedezinner op eng skandaléis Aart a Weis en Avis manipuléiert a bedrunn hunn, da sinn esou Klauseler wéi d'Recht op Avis-séparéen eventuell guer net esou onwichtig. Dat heescht, datt da kritesch Veterinärmedezinner, déi net mat der Meenung vun de Cheffen uewen d'accord sinn, en Avis séparé maache kënnen, fir de Politiker d'Informatioun ze ginn, datt eventuell net alles esou an der Rei ass, wéi dat da vun offizielle Gremien oder vun der Mehrheet vun den offizielle Gremie gesot ginn ass.

Bon, dat, Dir Dammen an Dir Hären, si just e puer kuerz Bemierkungen zu dësem Projet de loi, bei deem mir - wéi gesot - kee Problem hunn, eis Zoustëmmung ze ginn.

Merci!

**M. le Président.-** Merci, Här Huss! Ech mengen, elo huet d'Regierung d'Wuert. Et ass soss kee méi ageschriwwen. Här Minister, Dir hutt d'Wuert.

**M. Carlo Wagner, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.-** Dir Dammen an Dir Hären, ech mengen, et ass scho genuch hei ervirgestrach ginn, dass dee Projet de loi sech hei, kann ee soen, praktesch komplett orientéiert um Gesetz vum 8. Juni 1999 iwwert de Collège médical, wat och mat sech bréngt, dass de Conseil d'Etat keng gréisser Objektiounen ze formuléieren hätt, héchstens Observatiounen, déi mer gréisstendeels an den Text mat iwwer geholl hunn. Et ass just an deem engen oder anere Punkt, wou mer awer beim Texte initial bliwwen sinn.

Fir vläicht zwee, dräi Punkten ervirzehiewen: Dat Éischt ass dee vun der Zäit, wéini datt gewielt gëtt. Do ass am Collège médical virgesinn, dass dat am Oktober soll sinn. Baséiert awer op deenen Observatiounen, déi de Collège médical gemaach huet, dass et oft schwéier ass, well een dee Moment Kandidature muss stellen, wann och Leit an der Vakanz sinn, hu mer trotzdeem gemengt, et wier besser, fir do amplaz vum Oktober den November virzegesinn.

Deen zweete Punkt ass deen - an ech mengen, et war d'Mme Meyers-Frank, déi dee Punkt ervirgestrach huet, datt ënnert deenen dräi Obligatiounen fir den Droit de vote och virgesinn ass, dass een hei zu Lëtzebuerg etabléiert muss sinn. Och dat, mengen ech, ass richtig, well et jo esou ass, dass munch Veterinären, déi nëmmen occasionnellement hei zu Lëtzebuerg exercéieren, vun der Cotisatioun dispenséiert sinn. Dat, mengen ech, erkläert op alle Fall d'Saach, dass déi eng cotiséieren an déi aner net. Ech mengen, et wier falsch gewiescht, wann an engem Gremium déi Leit, ob se cotiséieren oder net, alleguer gläich Rechter hätten.

### ***(M. Jean Spautz reprend la Présidence)***

Deen drëtten Punkt ass vläicht och deen, dass de Conseil d'Etat gemengt huet, och e President vun enger Organisation syndicale hätt d'Eligibilitéit. Mir waren net där Meenung, dat justement fir op alle Fall sécher ze sinn, dass sämtlech Leit an deem Gremium kéinte vun enger totaler Autonomie ouni Influenz vu riets a vu lénks schaffen.

Dat gesot, Här President, géif ech all deene Leit merci soen, déi dat Gesetz hei stëmmen.

Merci!

**M. le Président.-** D'Diskussioun ass ofgeschloss a mir kommen elo zur Lecture vun den Artikelen vum Projet de loi 4804 a stëmmen driwwer of.

### ***Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Asselborn)***

D'Artikelen 1 bis 42 si gelies an ugeholl.

Mir kommen zum Vote iwwer de Projet de loi 4804.

### ***Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel***

Déi fir de Projet sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder enthalen sech.

De Projet de loi ass mat 54 Jo-Stëmmen a 6 Abstentatiounen ugeholl.

*Ont voté oui: MM. Willy Bourg (par M. Ady Jung), Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupt, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber (par M. Jean-Marie Halsdorf), MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly*



Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;

MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Jeannot Krecké), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;

Jacques-Yves Henckes;

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener;

M. Aloyse Bisdorff.

Se sont abstenus: MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

Ass d'Chamber d'accord, fir d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

**(Assentiment)**

Et ass esou décidéiert.

## 6. Dépôt d'une résolution par

**M. Marcel Glesener**

**M. le Président.-** Den Här Glesener freet d'Wuert. Dir hutt d'Wuert, Här Glesener.

**M. Marcel Glesener (CSV).-** Här President, ech wëll hei eng Resolutioun iwwert d'Lëtzebuerger Sprooch deponéieren.

### Résolution

*La Chambre des Députés*

– *considérant le rapport sur la protection des minorités en Belgique de la Commission des questions juridiques et des droits de l'Homme de l'Assemblée parlementaire du Conseil de l'Europe du 25 mars 2002 (Doc. 9395);*

– *considérant que le prédit rapport retient dans son exposé des motifs, sous le point E, article 40 : "qu'il ne m'appartient pas de déterminer si le wallon et le luxembourgeois sont des langues régionales ou des dialectes, même si je pencherais plutôt pour la première hypothèse. Toutefois, comme je souscris aux arguments de la Commission de Venise, je ne considérerais pas les locuteurs du wallon et les luxembourgeois comme des minorités au sens de la Convention-cadre pour la protection des minorités nationales. Le Conseil de l'Europe dispose cependant*

*d'un instrument juridique qui pourrait garantir une protection adéquate à ces communautés: la Charte des langues régionales ou minoritaires.";*

– *considérant que l'adoption du rapport par l'Assemblée parlementaire du Conseil de l'Europe est prévue pour le 24 avril;*

décide

– *d'informer l'Assemblée parlementaire du Conseil de l'Europe que le Grand-Duché de Luxembourg ne se sent pas concerné par le document en question;*

– *de rappeler à l'Assemblée parlementaire du Conseil de l'Europe que la loi du 24 février 1984 sur le régime des langues stipule dans son article 1<sup>er</sup>: "La langue nationale des Luxembourgeois est le luxembourgeois."*

(s.) Marcel Glesener, Jean Asselborn, Robert Garcia, Gast Gibéryen, Jean-Paul Rippinger.

**M. le Président.-** Mir kommen zur Diskussioun vum Projet de loi 4842 iwwert de Protokoll vu Cartagena. D'Wuert huet de Rapporteur, den Här Gusty Graas.

## 7. Projet de loi 4842 portant approbation du Protocole de Cartagena sur la prévention des risques biotechnologiques relatif à la Convention sur la diversité biologique fait à Montréal, le 29 janvier 2000

### Rapport de la Commission de l'Environnement

**M. Gusty Graas (DP), rapporteur.-** Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Urspréng vun der Gentechnik ginn zrëck op éischt Entdeckungen duerch d'Fuerscher Watson a Creek, déi och spéider den Nobelpräis kruten.

1973 ass et dunn zwee Wëssenschaftler op den Universitéite vu Stanford a San Fransisco gelongen, fir d'lerfmaterial ze modifizéieren.

Et gëtt u sech zanterhier kaum eng Wëssenschaft, wou d'Meenungen esou kontradiktöresch vertruete ginn. Oft ass een hin an hier gerappt tëschent ekonomeschen, ekologeschen an och etheschen Argumenter. Iergendwéi steet een tëschent Angscht an Hoffnung. Dat ass eng Ausso, déi den Henri Grethen, fréiere Fraktiounscheef vun der Demokratescher Partei an heitege Minister, schonn 1997 gemaach huet bei der Diskussioun iwwert d'Gesetz zur Biogenetik.

### (Interruptions diverses)

Den Här Grethen huet gutt a flott Aussoe gemaach an hei ass ee Beispill dervun.

**M. Alex Bodry (LSAP).-** Et wäert de Sekretär vun der Parlamentsfraktioun gewiescht sinn, deen dat preparéiert hat.